**INFODROIT**

# (INFORMATIOUN BETREFFEND D'RECHTER)

**Fiche fir d'Affer an Iwwereneestëmmung mat de Bestëmmungen vum Artikel 3-7**

**vun der Strofprozessuerdnung (*Code de procédure pénale*)**

## Definitioun vun der Notioun vun Affer:

En Affer ass eng identifizéiert Persoun, déi duerch eng Strofdot Schued erlidden huet.

Den Zweck vun dësem Informatiounsblat ass, d'Affer ze informéieren:

- **Iwwert d'Aart vun der Ënnerstëtzung déi et kréie kann, a bei wiem et déi kréie kann, an och, wann néideg, Grond-Informatiounen iwwert den Zougang zu medezinescher Hëllef, zu enger spezialiséierter Hëllef wéi zum Beispill enger psychologescher Hëllef, an eng Léisung bei der Sich vun enger Wunneng;**

Dir hutt d'Recht, de *Service d'aide aux victimes* ze kontaktéieren, deen eng gratis psychologesch Betreiung ubitt wéi z.B. den *Service d'aide aux victimes* vum Parquet général. Dëse Service orientéiert Iech am Noutfall bei aner spezialiséiert Servicer, déi Iech zum Beispill hëllefen, eng Wunneng ze fannen. Dir kënnt och e Rendezvous bei Ärem Hausdokter huelen oder e Psycholog oder e Spezialist consultéieren.

**Eng Lëscht mat de wichtegste Servicer fannt Dir um Enn vun dëser Fiche.**

- **D'Prozedure fir Klo ze féieren am Zesummenhang mat enger Strofdot an d'Roll vum Affer an dëse Prozeduren;**

Wann Dir Affer vun enger Strofdot gi sidd, dann huet Dir d'Recht, Klo bei der groussherzoglecher Police ze féieren. D'Police hëlt Är Klo op a schreift e Protokoll. Dofir gitt Dir vun engem Polizist iwwert d'Ëmstänn an den Oflaf vun der Dot gehéiert. Um Ënn vum Gespréich musst Dir Är Klo ënnerschreiwen an si gëtt dem zoustännegem Parquet a Form vun engem Protokoll iwwerdroen, deen d'Begrënntheet dovun examinéiert an iwwert de weidere Virgang entscheet. De Procureur d'Etat informéiert Iech an den 18 Méint nom Agang vun der Klo iwwert déi getraffe Moossnamen.

Et ass Iech och iwwerlooss, eng Plainte beim zoustännege Procureur ze hannerleeën oder Är Rechter duerch eng Klo mat Partie civile virum Untersuchungsriichter geltend ze maachen.

- **D'Modalitéiten an d'Konditiounen fir eng Protektioun ze kréien;**

Wann Dir Affer vu Mënschenhandel oder häuslecher Gewalt gi sidd, dann hutt Dir d'Recht, ënnert bestëmmte Bedingungen, vun engem besonnesche Schutz ze profitéieren. An deem Fall biede mir Iech, eis weider Informatiounen bei Ärer Vernehmung bei de polizeilechen oder geriichtlechen Autoritéiten ze ginn.

- **D'Modalitéiten an d'Konditioune fir den Zougang zu engem Affekot, d'*Assistance judiciaire* ënnert dee vum Gesetz virgesinne Konditiounen, an op all aner Form vu Conseil;**

Wann Äert Akommes Iech et net erlaabt, op den Service vun engem Affekot zréck ze gräifen, dann hutt Dir d'Recht op d'*Assistance judiciaire* ënnert bestëmmte Bedingungen wéi virgesinn vum Gesetz vum 7. August 2023 iwwert d'Organisatioun vun der *Assistance judiciaire*.

Dozou musst Dir eng Demande an deem Sënn beim zoustännege Barreau era ginn.

- **D'Modalitéiten an d'Konditioune fir eng Entschiedegung ze kréien;**

Dir hutt d'Recht eng Zivilklo ze maachen andeems Dir dem Untersuchungsriichter e Schreiwes zoukomme loosst, an deem Dir en informéiert, dass Dir eng Zivilklo era gitt fir eng Entschiedegung ze kréie fir de Schued, deen Dir dekláréiert hutt. Dës Ufro kann zu all Moment vun der Prozedur formuléiert ginn.

Dir gitt dorop opmierksam gemaach, datt am Fall wou Dir Iech entscheet, eng Zivilklo ze maachen, Dir net méi als Zeie kënnt gehéiert ginn.

A ville Situatioune riskéiert Äert Recht op eng Entschiedegung theoretesch ze bleiwen, zum Beispill a folgende Fäll: Den Täter vum Ugrëff gouf net identifizéiert oder net fonnt oder en ass insolvent.

An esou engem Fall, wann Dir Affer sidd vun enger penaler Strofdot déi Kierperschued mat sech bruecht huet, a wann dëse Schued duerch en Urteel rechtskräfteg ginn ass, da kënnt Dir eng Ufro op Schuedenersatz beim Justizministère era ginn, op Basis vum Gesetz vum 12. Mäerz 1984 betreffend d'Indemnisatioun vu bestëmmte Affer vu Kierperschied déi op eng Strofdot zeréck ze féiere sinn an d'Ënnerdréckung vu frauduléiser Insolvenz.

Eng spezial Kommissioun vum Justizministère préift op d'Konditioune vum Gesetz a besonnesch d'Konditioune vun engem Kierperschued vun enger gewësser Gravitéit erfëllt sinn a bewäert Äre Schued.

Op der Internetsäit vum Justizministère fannt Dir weider Informatiounen zu der Prozedur.

- **D'Modalitéiten an d'Konditioune fir d'Ausübe vum Recht op Dolmetschen an Iwwersetzung;**

Dir hutt d'Recht, informéiert ze ginn an Är Deklaratiounen an enger Sprooch ze maachen, déi Dir verstitt. Dir gitt invitéiert, Är Kontaktpersoun bei der Vernehmung bei der Police iwwert d'Sprooch oder d'Sproochen déi Dir verstitt, ze informéieren.

- **D'Modalitéiten fir d'Ausübe vu senge Rechter wann et an engem anere Memberstaat vun der Europäescher Unioun wunnt;**

Wann Dir an engem anere Memberstaat vun der Europäescher Unioun wunnt, an Dir sidd Affer vun enger Strofdot zu Lëtzebuerg ginn, da kënnt Dir Klo féiere bei de polizeilechen Autoritéite vu Lëtzebuerg.

- **D'disponibel Prozeduren fir eng Reklamatioun ze maachen am Fall wou Är Rechter net respektéiert ginn;**

Am Fall wou Är Rechter net vun der zoustänneger Autoritéit am Kader vun der Strofprozedur respektéiert ginn, kënnt Dir e Recours maachen ënnert de Formen a Modalitéite wéi vun den Artikelen 3-4 (6), 3-5 (8) a 23-5 vun der Stofprozessuerdnung virgesinn.

- **Wichteg Coordonnéeë fir d'Kommunikatiounen vun sengem Dossier ze verschécken;**

Beuecht w.e.g., datt all Courrier a Relatioun mat der Klo vun engem Affer un d'offiziell Adress geschéckt gëtt, déi beim Areeche vun der Klo deklaréiert gouf.

- **Méiglechkeete vu Mediatioun an affer-orientéierter Justiz;**

A jidder penaler Prozedur an an all Stadium vun der Prozedur, och wärend der Exekutioun vun der Strof, bitt de Service de Justice Restaurative (Service fir affer-orientéiert Justiz – SEJURE) d'Méiglechkeet, ausserhalb vun den traditionelle geriichtleche Weeër eng Demarche vun Dialog tëschent de betraffene Persounen ze entaméieren. Dëse gratissen a confidentielle Service ass fir jiddereen zougänglech.

De Virgang vun der affer-orientéierter Justiz setzt, onofhängeg vum Sujet oder der Form, en Echange tëschent de betraffene Parteie viraus, fir d'Schwieregkeeten, déi sech aus der Strofdot erginn, aktiv ze léisen. Bei dësen Echangë muss et sech net zwangsleefeg ëm e Face-à-Face-Echange handelen. Den Echange kann ënner verschiddene Formë stattfannen (perséinlech, iwwer Professioneller, iwwer Bréiwer, Telefon, Videokonferenz asw.) Dës Moossnam kann nëmme statt fanne, nodeems d'Affer an den Täter vun der Strofdot komplett doriwwer informéiert goufen an ausdrécklech agewëllegt hunn, dorunner deelzehuelen. Persounen, déi heibäi matmaache wëllen, maachen dëst fräiwëlleg a kënnen sech zu all Moment zeréckzéien. Et ass allerdéngs ze preziséieren, dass d'affer-orientéiert Justiz d'Strofprozedur net stoppt.

D'penal Mediatioun ass dogéint eng Alternativ zu der Strofprozedur, déi den zoustännege Parquet proposéiere kann an déi awer d'Averständnes vum Täter vun der Strofdot a vum Affer erfuerdert.

- **D'Modalitéiten an d'Konditiounen ënnert deenen d'Käschten, déi duerch d'Participatioun un der Strofprozedur entstinn, zeréckbezuelt kënne ginn;**

Als Affer kënnt Dir Är finanziell Rechter op verschiddene Niveaue geltend maachen andeems Dir eng Zivilklo areecht, eng prozedural Entschiedegung vum Geriicht, dat iwwert de Fong entscheet, während dem Prozess frot oder eng Prise en charge vun eventuelle Rees- an Openthaltskäschten a Form vun enger Zeientax frot.

Fir dës verschidden Ufroe mussen d'gesetzlech Konditiounen erfëllt sinn.

- **Säi Recht op eng individuell Appreciatioun vum *Service d'aide aux victimes* fir d'Noutwennegkeet vun engem spezifeschen Traitement ze iwwerpréiwe fir eng zweet Victimiséierung ze vermeiden;**
- **wann néideg sinn a jidder Phase vun der Prozedur zousätzlech Informatiounen ze liwweren;**
- **ausser wann et géint d'Interessien vum Affer oder den uerdentlechen Oflaf vun der Prozedur ass, kann d'Affer sech beim éischte Kontakt mat de Beamten oder Agenten vun der geriichtlecher Police vun enger Persoun vun senger Wiel begleede loossen wann et, opgrond vun den Auswierkunge vun der Strofdot, Hëllef braucht fir ze verstoen oder verstaanen ze ginn;**
- **wann d'Affer mannerjäreg ass, kann et sech während de Vernehmungen duerch säi gesetzleche Vertrieder oder eng Persoun vu senger Wiel begleede loossen.**

## ANNEX : ADRESSEN & ANER NËTZLECH INFORMATIOUNEN

### Servicer vun der Regierung

**Service fir den Accueil a rechtlech Informatiounen**

| | |
|---|---|
| **Service d'accueil et d'information juridique Luxembourg**<br><br>Cité judiciaire<br>Bâtiment BC<br>L-2080 Luxembourg<br><br>**Ëffnungszäiten**<br>Méindes an dënschdes: 8h30-12h00/13h00-16h30 **ouni Rendez-vous**<br>Donneschdes: 10h00-12h00/13h00-16h30 nëmme **mat Rendez-vous**<br>Mëttwochs a freides: 8h30-12h00/13h00-16h30 **iwwer Telefon oder E-Mail** | **Service d'accueil et d'information juridique Diekirch**<br><br>Bei der Aaler Kiirch<br>L-9211 Diekirch<br><br>**Ëffnungszäiten**<br>Mëttwochs moies: 8h30-12h00 **ouni Rendez-vous**<br><br>Mëttwochs nomëttes: 13h00-16h30 **nëmme mat Rendez-vous** |
| Fir déi zwee Sitte Lëtzebuerg an Dikrech:<br>☎ 475981 - 2600<br>E-Mail: pgsin@justice.etat.lu<br>Site:https://justice.public.lu/fr/aides-informations/accueil-info-juridique.html | |

**Hëllefsservicer fir Affer**

| | |
|---|---|
| **Service d'Aide aux Victimes**<br>**Service Central d'Assistance Sociale du Parquet Général**<br><br>12-18 rue Joseph Junck (bâtiment Plaza Liberty-entrée C)<br>L-1839 Luxembourg<br>☎ 621 326 595<br>Fir méi Informatiounen:<br>https://justice.public.lu/fr/aides-informations/accueil-info-juridique.html. | **Ëffnungszäiten**<br>Méindes - freides: 8h30-11h30/14h00-17h00<br>**Consultatioun nëmmen op Rendez-vous**<br><br>E-Mail : **scas-sav@justice.etat.lu** |

# Servicer an Associatioune fir Afferhëllef, déi net vun der Regierung sinn

<table>
<tr><th colspan="2">Gewalt (all Formen)</th></tr>
<tr><td colspan="2">Helpline violence ☎ 2060 – 1060 (7/7 Deeg – 12h00-20h00)<br><br>E-Mail: info@helpline-violence.lu<br>Site: www.helpline-violence.lu.<br>An dréngende Fäll: ☎113 !!!</td></tr>
</table>

| **Den Centre National pour Victimes de Violences (Nationalen Zenter fir Affer vu Gewalt – CNVV)** | **Ëffnungszäiten** |
|---|---|
| ➔ lauschtert no a bitt e frëndlechen Accueil esouwéi d'Méiglechkeet fir eng ambulant Prise en charge an dréngende Fäll:<br><br>• fir all Affer, ob groussjäreg oder mannerjäreg, vun alle Forme vu Gewalt (kierperlech, sexuell, psychesch, ...)<br>• mat psychosozialer Ënnerstëtzung, medezinescher Betreiung, rechtlechen Informatiounen a gegeebenenfalls enger Interventioun vun der Police op der Plaz, fir Klo ze féieren. | **Méindes bis donneschdes:** 17h00-00h00<br>**Freides:** 18h00-02h00 (moies)<br>**Samschdes:** 10h00-02h00 (moies)<br>**Sonndes:** 10h00-0h00<br><br>Variabel Zäiten op den Deeg virun de Feierdag an op de Feierdeeg.<br><br>D'Ekipp vum CNVV ass wärend den Ëffnungszäiten iwwer Telefon oder iwwer E-Mail erreechbar.<br><br>☎ 2755 5315<br>E-Mail : info.cnvv@croix-rouge.lu<br>https://violence.lu/centre-national-pour-victimes-de-violences/ |

Weider Informatiounen iwwer déi besteeënd Associatiounen esouwéi hir Coordonnéeë fannt Dir um Site **www.violence.lu.**

| **Haislech Gewalt (an der Famill, an der Partnerschaft an an enger Bezéiung) a geschlechtsspezifesch Gewalt (sexuell Gewalt)** | |
|---|---|
| **Visavi (vivre sans violence – Liewen ouni Gewalt)**<br>Berodungszenter fir Frae vun der asbl Femmes en détresse – Luxembourg<br><br>2, rue du Fort Wallis<br>L-2714 Luxembourg<br>☎ 49 08 77-1<br>Weider Informatiounen op www.fed.lu | **Berodung iwwer Telefon**<br>Méindes - freides: 9h00-17h00<br><br>**Individuell Berodung nëmmen op Rendez-vous an der Stad**<br><br>E-mail: **visavi@fed.lu** |

| | |
|---|---|
| **InfoMann**<br>Berodungszenter fir Männer vun der asbl ActTogether – Luxembourg<br><br>39, rue de Bouillon<br>L-1248 Luxembourg<br>☎ 27 49 65<br>Weider Informatiounen op www.acttogether.lu | **Berodung nëmmen op Rendez-vous**<br><br>**Ëffnungszäiten**<br>Méindes - freides: 9h00-17h00<br><br>E-Mail: **info@infomann.lu** |
| **Sexuell Gewalt** | |
| **Planning familial**<br>**Site Luxembourg-Ville**<br>**Centre DR M.-P. Molitor-Pfeffer**<br><br>6-10 rue de la Fonderie<br>L-1531 Luxembourg<br>☎ 48 59 76<br><br>***<br>**Planning Familial**<br>**Site Esch/Alzette**<br><br>2-4, rue Ernie Reitz/ Eck mam 14-16 avenue de la Gare (4. Stack)<br>L-4251 Esch/Alzette<br>☎ 54 51 51 | **Ëffnungszäiten**<br>Méindes - freides: 9h00-17h00<br>Donneschdes bis 18h00<br>An op Rendez-vous<br><br>E-Mail: **info@pfl.lu**<br><br>***<br>**Ëffnungszäiten**<br>Méindes: 8h00-12h30/13h30-17h00<br>Dënschdes, mëttwochs an donneschdes: 8h00-12h30/13h30-16h00<br>Freides: 8h00-12h30/13h30-17h00<br>An op Rendez-vous<br><br>E-Mail **:** **esch@pfl.lu** |
| **Planning Familial**<br>**Site Ettelbrück**<br><br>18, avenue J.F. Kennedy<br>L-9053 Ettelbrück<br>☎ 81 87 87 | **Ëffnungszäiten**<br>Méindes - donneschdes: 9h00-12h30/13h00-17h00<br>Ausser mëttwochs vun 10h30 un<br>An op Rendez-vous |
| Fir méi Informatiounen, onofhängeg dovun, ëm wéi e Site et sech handelt: www.pfl.lu | |
| **Gewalt géint d'LGBTIQ+-Communautéit** | |
| **Cigale asbl** - Centre LGBTIQ+ - Luxembourg<br><br>16, rue Notre Dame<br>L-2240 Luxembourg<br>☎ 26 19 00 18<br><br>Weider Informatiounen op **www.cigale.lu** | **Consultatioun op Rendez-vous**<br><br>**Ouni Rendez-vous**<br>Dënschdes - freides: 12h00-17h00<br><br>E-Mail: **info@cigale.lu** |
| **Gewalt géint Kanner a Jugendlecher** | |
| **ALUPSE Asbl – Luxembourg**<br><br>201, route de Thionville | **Consultatioun nëmmen op Rendez-vous**<br>Méindes - freides: 9h00-17h00 |

| | |
|---|---|
| L- 5885 Howald<br>☎ 26 18 48 -1 an an dréngende Fäll: 621 232 268 oder 621 232 267<br><br>Weider Informatiounen op **www.alupse.lu** | **Eemol d'Woch kënnen d'Consultatiounen zu Ettelbréck stattfannen**<br><br>4, Grand-Rue<br>L-9050 Ettelbrück<br><br>E-Mail :**info@alupse.lu/ alupse.bebe@alupse.lu** |
| **Alternatives – Centre de consultation pour enfants et adolescents victimes de violences -Fondation Pro Familia- Esch/Alzette (Berodungszenter fir Kanner a Jugendlecher, déi Affer vu Gewalt sinn)**<br><br>138, rue de Belvaux<br>L-4026 Esch/Alzette<br>☎ 51 72 72-500<br><br>Méi Informatiounen op **www.profamilia.lu** | **Consultatioun op Rendez-vous**<br>Méindes bis freides: 8h00-18h00/19h00<br><br>E-Mail: **alternatives@profamilia.lu** |
| **S-PSYea – Service psychologique pour enfants et adolescents victimes de violences domestiques – Femmes en détresse a.s.b.l. (psychologeschen Déngscht fir Kanner a Jugendlecher, déi Affer vun haislecher Gewalt sinn)**<br><br>B.P. 1024<br>L-1010 Luxembourg<br>☎ 26 48 20 50<br>Méi Informatiounen op **www.fed.lu** | **Ëffnungszäiten**<br>Méindes a mëttwochs: 8h00-18h00<br>Dënschdes an donneschdes: 8h30-18h00<br>Freides: 8h00-17h00<br><br>E-Mail: **psyea@fed.lu** |

| |
|---|
| **Mënschenhandel** |
| **INFOTRAITE – Service d'assistance aux victimes de la traite des êtres humains – de la Fondation de la Porte Ouverte (Hëllefsservice fir Affer vu Mënschenhandel – vun der Fondation de la Porte Ouverte)**<br><br>16, avenue Marie-Thérèse<br>L-2132 Luxembourg<br><br>☎ 25 36 56 46 oder 621 316 919 oder 621351 884<br><br>Weider Informatiounen op **www.stoptraite.lu**<br><br>E-Mail: **info@traite.lu** |

| |
|---|
| **Service de Justice Restaurative (Service fir affer-orientéiert Justiz – SEJURE)**<br><br>Centre de Médiation ASBL<br>87, Route de Thionville<br>L-2611 Luxembourg<br>☎ 27 48 34 64<br>sejure@mediation.lu<br>www.sejure.lu |